Den honorabelen Här Adam huet e Vote séparé gefrot, wat eng Rei vun Artikelen ubelaangt. Frot Dir de Vote électronique doriwwer?

(Assentiment)

Also, et ass e Vote séparé ugefrot, fir d'éischt, wat den Artikel 4 ubelaangt.

Vote séparé de l'article 4

Mir stëmmen also elo of iwwert den Artikel 4, ob mer mat deem d'accord oder net d'accord sinn.

Den Artikel 4 ass ugeholl mat 41 Jo-Stëmmen, bei 17 Nee-Stëmmen a kenger Enthalung.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Marcel Oberweis), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Laurent Mosar), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

M. Jacques-Yves Henckes.

Dann ass e Vote séparé gefrot ginn iwwert den Artikel 5. Mir stëmmen doriwwer of.

Vote séparé de l'article 5

Och deen Artikel ass ugeholl, dës Kéier mat 42 Jo-Stëmmen, bei 16 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Norbert Haupert), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Laurent Mosar), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter.

Mir kënnen dann ofstëmmen iwwert de Projet de loi 5758 als Ganzes.

Une voix.- Ee Moment, Här President.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Mir hunn décidéiert, dass déi Artikelen do am Text dra bleiwen, esou wéi se proposéiert waren.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Elo stëmme mer iwwert de ganze Projet de loi en tant que tel of.

De Projet de loi, Madame Minister, ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen, bei siwen Abstentiounen a kenger Géigestëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Marcel Oberweis), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Christine Doerner), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Laurent Mosar), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Domat, Dir Dammen an Dir Hären, hu mer eng grouss Reform ofgeschloss a gestëmmt, esou datt déi a Kraaft triede kann.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi iwwert de SCRIPT. Et sinn ageschriwwen: den Här Sunnen, den Här Berger an den Här Adam. D'Wuert huet den honorabelen Här Scheuer, de Spezialist an dëser Matière, fir eis de Rapport ze maachen.

Ech géif den Här Mosar bieden, kuerz d'Présidence ze iwwerhuelen.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

7. 5847 - Projet de loi portant modification

1) de la loi du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques; b) la création d'un Centre de Technologie de l'Éducation; c) l'institution d'une Commission d'Innovation et de Recherche en Éducation;

2) de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques;

3) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

M. Jos Scheuer *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President, fir déi aleedend Bemierkung an d'Presentatioun.

Dir Dammen an Dir Hären, och dat hei Gesetz ass en Element vun der Schoulreform. De Projet de loi 5847 ännert d'Gesetz vun 1993 ëm. An deem Gesetz war de SCRIPT geschaaft ginn: de Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques - etc., wat alles nach an deem Gesetz dra war.

De SCRIPT huet d'Missioun, fir sech mat der Primärschoul ze befaassen, awer en huet och a senger Missioun d'Chaperonnéiere vun de Lycéeën. De SCRIPT ass also eng Institutioun, déi de ganze Lëtzebuerger Enseignement ofdeckt.

Den Dépôt vum Gesetz ass am Februar 2008 gemaach ginn. Mir haten en Avis virleien am Abrëll scho vun der Chambre des fonctionnaires et employés publics an och vun der Chambre des Employés privés. De Statsrot huet zwee Avisen ofginn. Den Avis complémentaire hu mer am November kritt.

Zu de parlamentareschen Aarbechten: Mir hunn eis an dräi Sitzunge mat dësem Gesetz befaasst an de Rapport hu mer uganks Januar, de 7., ugeholl.

Den Objet vun dësem Gesetzesprojet. De Projet de loi schaaft eng Instanz, déi iwwert dem Schoulalldag steet. Ech wëll et emol esou formuléieren. E schaaft awer och eng Instanz, déi gläichzäiteg hëlleft, de schouleschen Alldag ze géréieren. Déi Instanz kritt dann duerch dat Gesetz hei e Statut. Den Haaptobjet vum Gesetz also ass d'Reorganisatioun vum SCRIPT, dem SCRIPT als véierte Pilier vun der Reform.

Wann Dir de Rapporten nogelauschtert hutt, déi mer presentéiert hunn an der Chamber, da wësst Der, datt déi Gesetzer, déi mer ofgestëmmt hunn, alleguerten eng Verbindung tëschent der Schoul an dem SCRIPT beinhalten. De SCRIPT ass déi Daachorganisatioun, dat Daachinstitut, un dat d'Léierpersonal sech wenne kann, ass dat Institut, wat kuckt, wéi de Lëtzebuerger Enseignement evoluéiert, an ass dat Institut, wat och dann de Lëtzebuerger Enseignement beréit.

D'Acteure vum Terrain si mam SCRIPT net konfrontéiert, mä befaasse sech mam SCRIPT a vice versa. Am Enseignement fondamental sinn dat d'Équipen, d'Gemengen, eenzel Enseignanten, et ass d'Équipe multiculturelle zum Beispill, an et ass virun allem awer och d'Inspektorat, wat en Uspriechpartner am SCRIPT huet a vice versa.

Den Aktiounsradius respektiv d'Missioune vum SCRIPT loosse sech an dräi grouss Beräicher ënnerdeelen. Éischte grousse Beräich ass d'Innovatioun an d'Recherche, zweete grousse Beräich ass d'Entwécklung an d'Erhale vun der Qualitéit am Lëtzebuerger Schoulwiesen, an drëtte grousse Beräich ass d'Weiderbildung vum Personal, wat am Enseignement täteg ass. A wann een dat seet, da beinhalt dat Personal souwuel d'Enseignantë wéi och d'Éducateuren.

Doraus ergëtt sech logescherweis dann och en entspriechenden Opbau vum SCRIPT, dee mer an dräi Divisiounen opgebaut hunn. An déi Divisioune si vunenee getrennt.

Éischt Divisioun: Een Deel vum Service ass zoustänneg fir pedagogesch Innovatioun, aus der Erkenntnis eraus - an dat ass keng nei -, datt d'Schoul keng statesch Institutioun ass, datt se evoluéiert, datt et eng Institutioun ass, déi beaflosst gëtt vu baussen an déi sech upasse muss. Dat ass den Objet vun all deene Gesetzer, déi mer gestëmmt hunn. D'Schoul léiert selwer bäi aus deene Feeler, déi se mécht, an aus deem, wat se gutt mécht. Se baut op op der eegener Erfahrung a se baut op op der Praxis.

De SCRIPT „géréiert" elo déi noutwendeg Upassungen - mer kënne géréieren tëschent Guillemetë setzen -, déi sech aus deenen doten Erkenntnisser erginn, déi um schouleschen Terrain bemierkt ginn. An zwar - ech mengen, géréieren ass de gudden Ausdrock - heescht dat, eng Situatioun ouni Hektik kucken, ouni an d'Gefor ze verfalen, hektesch Generalisatiounen ze vollzéien, Experimenter ze generaliséieren, etc. Dat heescht, de SCRIPT huet als Missioun, d'Kohärenz vum Lëtzebuerger Schoulsystem ze observéieren an ze garantéieren. De SCRIPT behält seng Missiounen, déi hien am 93er Gesetz kritt huet. E sammelt d'Expertisen, e koordinéiert dann déi pedagogesch Praxis. Bref, de SCRIPT ass den Uspriechpartner fir d'Enseignanten an hirer pedagogescher Aarbecht. Dat gëllt souwuel fir den Enseignement fondamental wéi och fir de Secondaire.

Fir de Moment, hu mer gesot kritt, schafft de SCRIPT virun allem um Konzept vun de Kompetenzen an och un der Praxis vun de Socles de compétences. Dat zur éischter Sektioun.

Déi zweet Sektioun oder Divisioun ass en charge vun der Qualitéitskontroll. Wann Experienzen ausgeweit ginn, da besteet d'Gefor respektiv ass dat eng permanent Angscht, datt ze fréi generaliséiert gëtt. Do kéint een dee berühmten Term gebrauchen: Angscht virun der „Reformitis". De SCRIPT soll genau déi Angscht verhënneren, d'Opkomme vun där Angscht verhënneren, soll derfir suergen, datt geregelt Prozeduren agehale ginn, datt geregelt ugepasst gëtt a reforméiert gëtt.

Do soll ee mat engem Mëssverständnis opraumen, wat ganz oft optaucht: Wann een Evaluéierung seet, da gëtt et zwou Méiglechkeeten, fir dat ze iwwersetzen. Dat Éischt ass den Term „Bewäertung". Dat Zweet ass en Term, dee mir besser gefält: den Term „Auswäertung". Wann ee Bewäertung seet, dann huet dat ëmmer esou eng normativ Connotatioun, wou ee Punkten ausdeelt a seet: Du hues dat schlecht gemaach. Du hues dat gutt gemaach - etc. Hei soll eng objektiv, eng wëssenschaftlech Analys gemaach gi vun deem, wat um Terrain leeft, wat um Terrain experimentéiert gëtt, an et soll net a priori u Selektioun geduecht ginn. Dat fir déi Leit ze berouegen, déi fäerten, datt elo eng Reformitis ausbrécht an initiéiert gëtt vum SCRIPT. Déi wëssenschaftlech Missioun an Ausriichtung an och déi Aart a Weis, wéi de SCRIPT opgebaut ass - dorop kommen ech nach -, ass d'Garantie, datt dat net geschitt.

De Conseil supérieur hat virgeschloe fir de SCRIPT opzedeelen an zwee grouss Beräicher, op där enger Säit - just fir dat doten ze verhënneren - ee Beräich, dee sech just befaasst mat der Auswäertung vun der Qualitéit, an eng aner Divisioun, eng aner Sektioun, déi mat der Entwécklung vun der Qualitéit befaasst gëtt, fir déi verschidde Secteuren auserneenzehalen. Och dat ass eng wëssenschaftlech an intellektuell éierlech Approche.

E puer Wuert dann zu dem Mode d'évaluation, well dat jo awer och e Schlësselbegrëff ass an all deene Gesetzer, virun allem am Gesetz iwwert d'Grondschoul. Et gëtt eng extern Auswäertung an et gëtt eng intern Auswäertung. Déi extern Auswäertung soll gemaach ginn net vum SCRIPT selwer, mä vun onofhängegen Organismen an Institutiounen. An dësem Fall ass dat virun allem d'Uni Lëtzebuerg; op déi kommen ech nach zréck.

Mä firwat net och extern zréckgräifen op auslännesch Organisatiounen? Dat hu mer jo scho gemaach a mir ginn och gezwongen et ze maachen. Mir participéieren un Evaluatiounen, déi eis dann a Konkurrenz setze mat Schoulsystemer an eiser Noperschaft a wäit doriwwer eraus.

Et gëtt eng Agence pour le développement de la qualité de l'enseignement. Déi huet als Objektiv, als Missioun, fir d'Schoulen an d'Lycéeën ze betreien. Éischtens, bei der Analys vun hiren internen Evaluatiounen. Déi muss jo och um Terrain selwer geschéien a kann net einfach als Donnée weidergereecht ginn un déi Daachorganisatioun SCRIPT, mä dorauser mussen och Konklusiounen interner Natur gezu gi fir déi eenzel Établissementer.

Déi Missioun weist awer och konkret, datt se beim Opbau vum Plan de réussite scolaire dénglech ass. Dee Plan de réussite scolaire ass ee wichtegt Element ass vum neien Enseignement fondamental. Si ass och behëlleflech, wa Schoule Projets d'école opstellen, a vun deene Projets d'école hänkt jo ganz vill of, och an de Relatiounen tëschent de Gemengen an dem Stat.

Et ass selbstverständlech, datt déi Agence och déi Informatiounen, déi se huet, weidergëtt an datt se derfir suergt, datt en Austausch och stattfënnt tëschent dem Lëtzebuerger Schoulsecteur an den auslännesche Schoulsecteuren, an deenen Instituter, déi interessant si fir Lëtzebuerg. Dat zur interner Evaluatioun, esou wéi se am Prinzip gehandhaabt soll ginn an och gëtt.

Dann zur externer Evaluatioun, déi ech och schonn ugeschnidden hunn. Mir hunn de groussen Avantage bei dëser Schoulreform, datt mer se begleede loosse vun der Uni Lëtzebuerg. A wéi ganz oft ass nach an de Käpp vun de Leit d'Iddi, datt d'Uni Lëtzebuerg eng staatlech Institutioun ass, en Deel vum Lëtzebuerger staatleche Schoulsystem. Dat ass net wouer! D'Uni Lëtzebuerg ass autonom. Mir kënnen zréckgräifen op hiren Know-how, mä d'Uni Lëtzebuerg ass dann en externe Partner an der Evaluatioun vun eisem Schoulsystem.

Do gëtt et dann och nach eng Institutioun oder e Service, deen nennt sech EMACS. Dat ass, wéi mer d'leschte Kéier scho gesot kritt hunn, op Englesch „educational

measurement and applied cognitive science“, einfach fir dat emol esou an de Raum ze setzen. Da klengt dat och e bësse méi nobel, wéi wann een et elo op Lëtzebuergesch géif duerstellen.

Awer d'Tâchë vun deem Institut, déi si ganz kloer definéiert. Si si ganz praktesch ausgeriicht an deem Sënn, datt si zum Beispill Tester ausschaffen, Tester, déi gebraucht ginn, wann ee Socles de compétences kontrolléiere wëllt. Si kënnen Enquêtë maachen a si chargéiert ginn, fir Enquêten ze maachen. Si maachen awer och Rapports de synthèse, déi a regelméissegen Ofstänn presentéiert ginn, an de Stat kann da mat deene Rapports de synthèse un den Enseignement erugoen.

Déi drëtt Sektioun befaasst sech mat der Weiderbildung vum Schoulpersonal. Et gëtt also en Institut dohinnergesat, wat d'Weiderbildung, d'Fortbildung vum Personnel scolaire an d'Hand huele soll. Ech brauch lech net ze soen, wéi enorm den Zousproch zu de Fortbildungscoursë war an deene leschte Joren. Et gëtt Zuelen: 14.000 Leit, déi drun deelgeholl hunn; esou vill honnerte vu Coursen, déi offréiert ginn.

Dat si Statistiken, mä Fait ass, datt de Lëtzebuerger Enseignant, dee jonken Onerfuerenen an awer och dee mat Erfahrung, bereet ass, och fräiwëlleg, an déi Fortbildungscoursen ze goen. Dat soll keen Zwang sinn, deen een als lästeg emfënnt, mä eng Noutwendegkeet fir gutt Schoul ze halen an och méi roueg Schoul ze halen, wéi wann een an der Ongewëssheet ass, ob seng Methoden deem entspriechen, wat gewënscht ass, wat verlaangt ass, fir eppes un d'Kanner ze bréngen. Déi Formation continue ass eng Hëllef fir d'Léierpersonal an ass keng Schikan.

Bis 2004 war déi Formation continue ënnert der Tutelle vum ISERP. Doduerch datt den ISERP elo iwwergaangen ass an d'Uni, war de Stat jo awer forcéiert fir sech selwer esou en Institut ze schafen, an dat ass deen Institut, deen dann am Kader vum SCRIPT en place gesat ginn ass. De Stat oder de SCRIPT hëlt d'Relève vun dem ISERP respektiv ass et e Pendant zu deem, wat op der Uni geschitt. Upassung bedeit Upassung vun de Strukturen, bedeit awer och Upassung vun de Ressourcen, an da si mer beim zweeten Deel vun dësem Gesetz.

Fir d'Formation continue ze géréieren, brauch ee Leit. „lifelong learning“ ass en Term, deen ass och an de Sproochgebrauch vum Stat iwwergaangen, an d'Missioune vun der Formation continue si ganz vaste.

Ier ech eppes zum Personal soen, nach eppes zum Kapitel 4 am Gesetz. Hei gëtt e Conseil scientifique op d'Bee gesat. Ech hu mer iwwerluecht, wéi een dee Conseil scientifique kéint beschreiwen. Dunn ass mer den Term Conseil des sages bäigefall. Dat sinn déi Leit, déi iwwerblécken de SCRIPT an deem sengen eenzelne Strukturen a senge Missiounen. Dee Conseil scientifique, deen och deementspriechend zesummegesat ass aus Spezialisten - d'Uni ass dra vertruede mat zwee Leit. De Conseil ass d'Kontrollorgan fir d'Divisiounen, déi am SCRIPT existéieren, an ass d'Bindeglied fir de Minister zu senger Verwaltung, gläichzäiteg awer och Kontrollinstanz, wéi gesot. Et ass déi lescht Instanz tëschent deenen Instituter an dem Minister. Ech fannen et och ganz wichteg, datt de Stat sech esou eng Instanz ginn huet.

Ech hat gesot, datt och e Personalvolet an dësem Gesetz ass, an zwar muss selbstverständlech de Personalkader vum SCRIPT ugepasst ginn. E kritt en Direkter, e kritt en Directeur adjoint. Hei ass de Statsrot intervenéiert, praktesch nëmme bei deene Personalfroen, an deenen et ëm d'Nominatioun an d'Attributioune vum Directeur adjoint gaangen ass, ëm d'Relatiounen tëschent dem Directeur adjoint an dem Direkter. D'Regierung huet deenen Oppositions formelles vum Statsrot am Prinzip Rechnung gedroen, an dat huet och an der Kommissioun zu weider kengen Diskussioune gefouert.

Selbstverständlech sinn an deem Personalkader och Spezialisten, déi ganz prezis pedagogesch Formatiounen hanneru sech hunn. Wéi prezis dat Gesetz ass, gesäit een zum Beispill bei der Aklasséierung vum Direkter, dee kënnt an den E8, etc.

Ech wëll nach eppes soen zum Artikel 6 vum Gesetz, deen awer näischt méi mam Personal ze dinn huet, dat am SCRIPT schafft.

Am Artikel 6 gëtt festgeluecht, datt all Lycée vun elo un en Délégué à la formation continue muss hunn. Deen Délégué à la formation continue muss also elo och instruéiert ginn, dee muss ausgebilt ginn, dee muss wëssen, wat hien ze maachen huet. Hie gëtt op dräi Joer gewielt. Et ass keng Missioun, mat där een esou säi Kader gefëllt kritt am Lycée, wéi dat munchmol de Fall ass. Neen, et ass eng Missioun, déi e gewëssene Suivi verlaangt, déi och eng Ausbildung, e Wësse verlaangt. Ech mengen, datt dat och erwähnenswäert ass.

Den Artikel 8 befaasst sech da mat der Stäerkung vum administrative Personal.

Dir Dammen an Dir Hären, de SCRIPT huet eng ganz grouss Verantwortung fir de Lëtzebuerger Enseignement, déi een net erofspille soll. En huet zousätzlech Aufgabe kritt, andeem mer déi wierklech grouss Schoulreform gemaach hunn, a muss deementspriechend équipéiert sinn an deementspriechend fonctionnéieren, datt en als Garant vum Succès vun der Schoulreform kann ugesi ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Ech soen dem Här Rapporteur Merci.

M. Jos Scheuer *(LSAP), rapporteur.-* Ech ginn dervun aus, datt d'LSAP, meng Fraktioun, dann och dee Projet stëmmt.

Une voix.- Dat ass awer nach net sécher.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur, fir déi Prezisioun. Als éischte Riedner ass den Här Fred Sunnen agedroen. Här Sunnen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Fred Sunnen *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech mat mengem Exposé ufänken, wëll ech dem Rapporteur, dem honorabelen Här Jos Scheuer, Merci soe fir säin ausféierleche Rapport,…

M. Jos Scheuer *(LSAP), rapporteur.-* Merci.

M. Fred Sunnen *(CSV).-* …souwuel op mëndlechem wéi op schréftlechem Plang.

Dir Dammen an Dir Hären, dee virleiende Gesetzesprojet modifizéiert d'Gesetz vum 7. Oktober 1993, mat deem de SCRIPT gegrënnt gouf. Datt dat aktuellt Gesetz geännert gëtt, ass selbstverständlech am Kontext vun der déif gräifender Reform vun der Lëtzebuerger Primärschoul ze gesinn. De Gesetzestext iwwert de SCRIPT steet deemno an enger Linn mat den Texter iwwert d'Schafung vum Enseignement fondamental, dem Léierpersonal an der Schoulflicht.

Wann een awer d'Primärschoul ännert, dann ass et evident, datt Servicer wéi de SCRIPT, déi wéinst hire pedagogesche Fuerschungs- an Innovatiounsaktivitéiten eng eminent Roll an eiser Schoulpolitik spillen, am Kader vun enger globaler Reform mat op de Leescht geholl ginn. Vu datt am Rapport schonn alles iwwert déi wichtegst Ännerunge geschriwwen a gesot ginn ass, wäert ech net méi am Detail dorop agoen a mech duerfir op e puer aner Aspekter vun dësem Gesetzesprojet konzentréieren.

De Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques, kuerz SCRIPT genannt, verréit schonn u sengem Numm, datt hannert dësem Projet grouss Ambitioune stiechen. Dëse Service, deen dem Éducationsministère ënnersteet, huet zwou wichteg Missiounen: éischtens, d'Koordinatioun vun der pedagogescher Fuerschung an Innovatioun, an dëst an deene verschiddene Beräicher, y compris dee vun der Integratioun an de Schoule vun den neitsten Informations- a Kommunikatiounstechnologien; an zweetens, de lëtzebuergeschen Éducationssystem regelméisseg ënnert d'Lupp ze huelen an ze bewäerten.

D'Missioune vum SCRIPT garantéieren, datt engersäits hei am Land Fuerschung am Beräich vun der Erzéiung an der Bildung stattfënnt, an datt anerersäits d'Erkenntnisser an d'Resultater vun deene Studien och an d'Praxis ëmgesat ginn. Vill ze laang huet hei zu Lëtzebuerg nämlech déi néideg Rigueur scientifique an der Recherche an an der Innovatioun gefeelt. Fuerschen, fir ze fuerschen, bréngt der Schoul näischt. Duerfir ass et richteg, datt de SCRIPT oppasst, datt net nëmmen Theorien entwéckelt ginn, mä datt déi och um Terrain getest an, wa se sech bewäerten, verwierklecht ginn. Eise Schoulsystem gëtt deemno permanent enger kritescher Analys a Bewäertung ausgesat, wat ënner anerem och derzou féiert, datt nei Besoinen op- an ofgedeckt ginn.

De SCRIPT huet niewent dësen zwou Haaptmissiounen awer och nach aner Attributiounen, déi am Gesetz vun 1993 festgehale goufen. Et sinn dat d'Ausschaffe vun neie Konzepter fir d'Vermëttlung vun der Allgemengbildung, d'Opstelle vu kohärente Programmer fir d'Weiderbildung vum Léierpersonal, d'Förderung vun der mëndlecher Kommunikatioun, also der Sprooch als pedagogescht Instrument am Unterrecht, an d'Opstelle vu Profiler fir d'Beruffsausbildung.

Wéi scho gesot, ass d'Aarbecht vum SCRIPT ganz wichteg an ambitiéis. Pedagogesch Konzepter a Methode gradesou wéi d'Schoulpersonal dierfen an enger Welt, déi sech ëmmer méi séier entwéckelt a vu Joer zu Joer méi komplex gëtt, net hannendrulafen. Mir mussen eis awer virun Aen halen, datt d'Ëmsetze vun neien Erkenntnisser an d'Praxis net gradesou einfach ass, wéi et vläicht fir deen een oder deen aneren um Pabeier ausgesäit. Och wann déi praktesch Ëmsetzung net ëmmer evident ass, esou musse mer weider um Ball bleiwen, well d'Aarbecht, déi vun de SCRIPT-Mataarbechter geleescht gëtt, eben am Kontext vun engem sech permanent verännerndem Ëmfeld, vu gréisster Bedeitung ass.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, datt ech kuerz op eng vun den Aufgabe vum SCRIPT e wéineg méi genee aginn, an zwar déi vun der Élaboratioun vu kohärente Programmer fir d'Weiderbildung vum Léierpersonal. Dës Aufgab vum SCRIPT ass a mengen Aen eng vun deene wichtegsten, well si en décisiven Afloss op d'Qualitéit vum Unterrecht huet. Well et si jo schliesslech nach ëmmer d'Enseignanten, déi nei pedagogesch Konzepter a Methoden um Terrain ëmsetze mussen.

Fir datt hinnen dat awer och ouni gréisser Problemer gelengt, musse si sech regelméisseg um neitste Stand vun der pedagogescher Fuerschung halen a sech déi nei Konzepter a Methoden och uneegnen. Dëst kann nëmmen duerch eng permanent berufflech Weiderbildung geséchert ginn. D'Zäit ass längst eriwwer, wou dat Wëssen, dat een duerch seng Ausbildung vermëttelt krut, ee Liewe laang gülteg war.

En anere Punkt, deen am Kontext vum SCRIPT sengen Aufgaben am Beräich vun der Weiderbildung vun den Enseignantë wichteg ze betounen ass, ass, datt den neien Enseignantë beim Eraklammen an hire Beruff ënnert d'Äerm gegraff gëtt. Dëst ass eng wäertvoll Mesure, well dee jonken Enseignant wéi all Beruffsufänger mat gewësse Problemer ze kämpfen huet. Et geet also drëm fir ze verhënneren, datt jonk Enseignantë sech ze séier découragéiere loossen an hiren Enthusiasmus an hiren Idealismus ze séier verléieren.

Dëst ass awer besonnesch wichteg, well grad jonk Enseignanten direkt mat der Komplexitéit vun hirem Beruff eens gi mussen, ouni iwwert d'Erfahrung vun hiren eelere Kolleegen ze verfügen. D'Schoul fuerdert den neien Enseignant direkt. Et gëtt keng Schounfrist, wéi dat an anere Beruffer de Fall ass. Et ass deemno keng progressiv Aféierung an de Beruff méiglech.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wéilt dann no dëse méi inhaltlechen Ausféierungen awer och nach e kuerzen historesche Réckbléck maachen, well dobaussen de SCRIPT eigentlech net esou bekannt ass. De SCRIPT ass net eréischt 1993 erfonnt ginn, mä aus dem Projet SIRP, Service d'innovation et de recherche pédagogique, aus dem Joer 1979 entstanen.

Dëse Service hat als primär Aufgab, d'Koordinatioun an d'Evaluatioun vun de pedagogeschen Effortë souwéi d'Resultater vun de Klasse vum Premier cycle intégré ze garantéieren. Am Mäerz 1979 - dat sinn also elo geschwënn 30 Joer hier - ass hei an der Chamber schonn eng Motioun gestëmmt ginn, déi op d'Nécessitéit higewisen huet, e Service général ze grënnen, deen d'Responsabilitéit iwwert d'Innovatioun an d'Recherche pédagogique fir de gesamten Enseignement huet. Gutt 14 Joer méi spéit, an opgrond vun den Erfahrungen, déi mam SIRP gemaach goufen, ass dunn 1993 de SCRIPT an d'Liewe geruff ginn.

Deemools ass festgestallt ginn, datt zënter 1989 eng Rei Reformen am Enseignement primaire, secondaire a secondaire technique ëmgesat gi sinn. Dës Reforme sollte Bestanddeel si vun enger kohärenter Struktur, mat der Aufgab de lëtzebuergeschen Éducationssystem op déi ekonomesch, sozial an technesch Ännerungen an der Welt unzepassen.

Op europäescher Bühn ass de SCRIPT am Kader vum Kampf géint de schouleschen Échec op allen Niveauë vun den Intervenantë vun der sougenannter Communauté éducative ze gesinn. Heimat komme mer de Konklusioune vun enger Resolutioun vum Dezember 1989 vum Conseil vun den europäeschen Éducationsministeren no. Wéi de SCRIPT 1993 an d'Liewe geruff gouf, war e weidert Zil déi communautär Programme LINGUA an EUROTECNET am Beräich vun der Kooperatioun an der Innovatioun ze begleeden.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi Dir gesidd, huet de SCRIPT zënter 1993 eng ganz wichteg Roll an eiser Éducationspolitik. Hie steet mat sengen Etüden an Evaluatiounen am Ufank vun alle Reformen am Enseignement, oder och nach dem Schafe vun neie Strukturen. De SCRIPT huet d'Missioun déi bestoend Organer ze encadréieren an ze koordinéieren, an domat deenen hir Aarbecht an e globaalt Konzept ze setzen. Mam 1993er Gesetz ass awer net nëmmen de SCRIPT gegrënnt ginn, mä och nach de Centre de technologie de l'éducation, esou wéi eng Commission d'innovation et de recherche en éducation.

Awer eent nom aneren. Fänke mer mam Centre de technologie de l'éducation, CTE genannt, un. Zënter 1945 a bis 1993 war den Office du film scolaire de Virgänger vum CTE. D'Strukture vum Office du film scolaire sinn den Ufuerderunge vun engem moderne Schoulunterrecht net méi gerecht ginn, well een net méi mat der Evolutioun vun den neien Technologië Schrëtt hale konnt. Deen neie CTE huet dann deementspriechend vill méi Méiglechkeeten. En huet als Missioun am gesamten Enseignement déi nei Technologien an de Beräicher Informatioun a Kommunikatioun an engem pedagogesche Kontext ze förderen.

Als zweet Neierung koum 1993 d'Commission d'innovation et de recherche en éducation. Dës Kommissioun setzt sech aus néng Memberen aus dem Lëtzebuerger Enseignement public, dem Monde économique et social esou wéi der Administration publique zesummen. Zudeem hunn d'Direktere vum SCRIPT an dem CTE, esou wéi zwee Représentantë vu Lëtzebuerger Organismen, déi Projeten am Beräich vun der Recherche pédagogique maachen däerfen, eng Voix consultative an der Kommissioun.

D'Aufgab vun der Kommissioun ass d'Aarbecht vum SCRIPT an dem CTE ze begleeden an ze iwwerwaachen. Ausserdeem soll si hiren Avis ofginn zu alle Froen, déi vum Ministère de l'Éducation nationale gestallt ginn. Des Weideren huet d'Kommissioun d'Recht dem Ministère Virschléi ze maachen, fir Mesuren ze realiséieren am Beräich vun der Recherche an der Innovation pédagogique.

Här President, léif Frëndinnen a Frënn, wéi Dir gesidd steet deen Text, iwwert dee mer elo gläich ofstëmme wäerten, an enger Rei mat de Gesetzer vun 1979 an 1993, iwwert déi ech elo grad geschwat hunn. An de leschten 30 Joer ass also eppes geschitt an dësem wichtege Beräich vun eiser Éducatioun. Regelméisseg si Servicer op- an ausgebaut ginn, fir de Besoinë vun der Zäit gerecht ze ginn an d'Schoul, mä virun allem d'Schüler, besser op d'Liewen dobausse virzebereeden. Fir dass mer och mat dëser Politik weiderfuere kënnen, stëmmt d'CSV dësen Text, an ech bieden lech datselwecht ze maachen.

Ech soen lech Merci fir Äert Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Sunnen Merci. Als nächste Riedner ass den Här Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP).-* Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Bericht. Hien huet effektiv am Kader vun deene ganzen Debatten hei, och zu deenen anere Projeten, ganz gutt Aarbecht geleescht. Ech hat dat vläicht net all Kéier gemaach, mä ech wëll him hei ofschléissend nach eng Kéier Merci soe fir déi vill a gutt Aarbecht déi hie gemaach huet, och wa mer eis net all Kéier eens waren.

Effektiv ass virdru schonn de Vote geholl gi vun deenen dräi Gesetzer, déi méi kompakt zesummenhänken, déi d'Schoulreformen

ubelaangen, mä och dësen Text muss een awer an deem ganzen Zesummenhang situéieren. Wa mer eis elo mat dem Projet SCRIPT befaassen, wësse mer, datt mer hei keen Neiland betrieden. De SCRIPT ass keng nei Verwaltung, mä déi gëtt et an der Lëtzebuerger Schoullandschaft scho säit 1993. Hei kann een also op eng gewëss Experienz zréckgräifen.

Den Här Sunnen huet hei den Historique gemaach a gewisen, datt am Fong och scho virun 1993 Elementer bestanen hunn. Besonnesch muss ee kucke fir déi Servicer a Missiounen, déi do regruppéiert sinn, besser ze strukturéieren an ze organiséieren, fir senge Missiounen am Kader vun de Schoulreformen da gerecht ze ginn. Dobäi ass et evident, datt elo och nei Missiounen op de SCRIPT duerkommen, wou deen nach muss seng Meeschterprüfung maachen.

Mir erfannen de SCRIPT also net nei, mä hei sinn Adaptatioune vum SCRIPT virgeholl ginn, eben am Kontext vun de Veränderungen an der Schoullandschaft. Et gëtt elo méi kloer festgehalen, datt de SCRIPT dräi grouss Aufgabeberäicher a Missioune kritt. Zum Éischten ass dat d'Innovation pédagogique, wou se sollen den dreiwenden „think tank", fir et emol eng Kéier esou ze soen, gi fir nei pedagogesch Methoden an Approchen an eise Schoulen ze initiéieren an ze facilitéieren.

An enger Schoul, déi sech un d'Evolutioun vun de Kanner an der Gesellschaft upasse muss, schéngt dëst mer sécherlech eng vun deene wichtegsten Aufgabe vum SCRIPT ze sinn. Wa mer Veränderungen an eise Schoule brauchen, wann de Schoulalldag, oder déi bestoend Methoden, déi mer hunn, net zum gewënschten Erfolleg féieren, wa mer déi also musse konzeptuell nei denken, nei ausschaffen, da muss ee sech also och deen néidege Background ginn, fir déi Démarchen an der Schoul ëmsetzen ze kënnen.

Wichteg ass dobäi, datt een enk mat de Leit um Terrain zesummeschafft. Ech hunn dat och scho gëschter gesot, datt vill nei Usätz vun ënnen erop, aus der Praxis um Terrain a vun engagéierten Enseignanten, entstane sinn. Déi mussen och an Zukunft weiderhin an de Missioune vum SCRIPT implizéiert ginn, besonnesch wat dee Beräich ubelaangt.

Hei muss een awer och eng kritesch Remarque maachen, well mer jo säit kuerzem eng Uni Lëtzebuerg hunn, déi och am Beräich vun der pedagogescher Recherche an Innovatioun aktiv soll sinn. Insbesonnesch am Kader vum Projet „Eis Schoul" huet d'Uni Lëtzebuerg jo och verschidde Missioune kritt. Hei däerf et also net zu enger Konkurrenz zwëschent SCRIPT an Uni kommen, mä ech erwaarde mer, datt hei eng sënnvoll Kooperatioun a Synergien entstoe wäerten.

Déi zweet Missioun vum SCRIPT ass déi vun der Assurance qualité. Zum engen ass dat d'Evaluatioun vun eisem Schoulsystem, vu spezifesche Schoulprojeten. Dat ass eng Missioun, déi an eisen Ae besonnesch wichteg ass, an d'DP ënnersträicht ëmmer erëm, och an hirem Éducatiounspabeier, eben d'Noutwennegkeet vun der wëssenschaftlecher Begleedung an der Evaluatioun vun all Schoulprojet. Wann een nei Konzepter an der Schoul ausprobéiert, muss ee se konstant suivéieren, fir esou schnell wéi méiglech kënne Konklusiounen ze zéien, entweder fir d'Approche guttzeheeschen, se ze korrigéieren, oder eventuell och erëm falen ze loossen.

Dat ass jo och ee vun de grousse Schwaachpunkten an der Vergaangenheet an eisem Schoulsystem gewiescht, datt mer net genuch, oder ganz oft guer net déi bestoend pedagogesch Praxis ënnert d'wëssenschaftlech Lupp geholl hunn, fir besser ze gesi wat richteg a wat falsch leeft oder gelaf ass. Esou eng Evaluatioun muss intern gemaach ginn, wou dann d'Leit vum Terrain mat agebonne ginn, wéi d'Inspekteren an d'Enseignanten, well si jo déi Éischt sinn, déi kënnen e Feedback liwweren.

An dësem Kontext wëll ech och nach eng Kéier kuerz un dat erënneren, wat ech gëschter zum Kapitel Inspektere gesot hunn, a rappeléieren, datt se an eiser Virstellung haaptsächlech oder exklusiv pedagogesch Missioune sollen erfëllen, datt se also och hei mussen intensiv mat agebonne ginn. Et ass eben ze bedaueren, datt se wahrscheinlech net vill Zäit wäerten duerfir kréien, och wa se gewëllt sinn, och wann d'Strukturen do sinn, well se an Zukunft wahrscheinlech nach méi mat administrative Chargë wäerten iwwerheeft ginn.

Zum anere musse bei der Evaluatioun och onbedéngt extern Experten, vun ausserhalb vun eisem Schoulsystem, mat an déi Evaluatioun abezu ginn, zum Deel domadder beoptraagt ginn, well si méi en ofgekläerte Bléck op dat Ganzt kënne werfen, an de Projet de loi gesäit dat jo och vir. Vun deenen externen Expertë muss een d'Uni Lëtzebuerg hei als éischt gesinn. Et mussen an eisen Aen awer och aner spezialiséiert Gremien oder Expertë kënne sinn.

E Wuert och zur Aart a Weis, wéi esou eng Evaluatioun soll stattfanne respektiv wat mer fir eis Schoule brauchen. Dat däerfen elo net exklusiv Tester a Froebéi sinn, déi d'Schüler sollen ausfëllen, a wou mer da mat deene klassesche Leeschtungsbarometer, wat jo geméinlech esou eng Zort Prüfunge sinn, kucken a vérifiéieren, wat e Schoulprojet bréngt. Dat kann et net sinn. Méi generell muss och d'Qualitéit vun der Schoul an hirer Gesamtheet, an allen Aspekter beliicht ginn. Dat bedéngt dann och sozial Parameteren, wéi d'Schoulklima an d'Zesummenschaffen zum Beispill.

Et sollen also net eleng nëmmen d'Schüler evaluéiert ginn an där Missioun, mä och d'Schoul oder e Pilotprojet, oder d'Schoul an hirer Gesamtheet. Mer musse bei där Evaluatioun an Zukunft op de Wee goen, de Courage hunn, och méi konsequent d'Aarbecht vun den Enseignanten ze evaluéieren. Letztendlech kënnen och si selwer jo dann dovunner profitéieren.

An der Divisioun vun der Evaluatioun ass eng nei Agence pour le développement de la qualité dans l'enseignement virgesinn, déi ënner anerem soll an de Grondschoule beim Ausschaffe vum Plan de réussite scolaire hëllefen. Esou e Plan de réussite scolaire stelle mer net a Fro, au contraire, ech hunn dat och gëschter ënnerstrach, mir fannen dat eng gutt Saach. Net esou kloer schéngt mer elo nach, wéi dat dann an der Praxis soll oflafen.

Ech stelle mer dat esou vir, datt de SCRIPT eng Aart Gebrauchsanweisung gëtt, déi d'Inspekteren an de Schoulcomité da wäerten, opgrond vun hirem Projet oder hirer Schoul, ausdäitschen. Hëllefräich wier et awer, wann dës Agence da kéint konkret bei der Ausschaffung vun all Plan de réussite scolaire op der Plaz an der Schoul derbäi sinn. Do bleift d'Fro, ob dat net ze vill zäitopwenneg a schwéier ass, respektiv ob dat iwwerhaapt vum Personal zueleméisseg méiglech ass, also vun deem néidege Personal, dat een dann am SCRIPT brauch, fir iwwerall iwwer Land - dat wiere jo dann iwwer 100 esou Plans de réussite scolaire, respektiv wann een och nach eng Rei Gebaier huet - kënnen am Detail an de Schoule matzeschaffen.

Eng drëtt Divisioun a Missioun vum neien ale SCRIPT ass eng déi en och bis elo schonns hat an déi awer an der Praxis, besonnesch wat de Primaire ubelaangt, nach staark ze wënschen iwwreg léisst: Et geet hei ëm d'Formation continue, déi jo och besonnesch am Schoulberäich, deen am groussen Ëmbroch ass a wou nei Methoden an de Vierdergrond réckelen, eng speziell Wichtegkeet muss anhuelen, well jo d'Enseignanten da mussen onbedéngt op hir nei Missioun, op hir nei Aufgaben, op déi nei Methode preparéiert ginn.

D'Personal ass gefuerdert um leschte Stand ze bleiwen a sech weiderzebilden, fir eben och d'Schüler kënnen adequat auszebilden, hinnen déi néideg Kompetenzen ze vermëttelen. Et ass also och ze wënschen, datt hei den „SCRIPT reloaded", fir et dann emol eng Kéier esou ze nennen, en neien Impuls an déi Formation continue bréngt a sech och do déi néideg Moyenë verschaaft, andeems en och op Externer zréckgräift, awer virun allem och op Leit déi an der Schoul schaffen an déi hiren Know-how an dës Formatioune mat abrénge kënnen.

Wéi et de Moment ausgesäit, misst de SCRIPT och relativ schnell an aktiv un der Insertion professionnelle vun den neien Absolvente vun der Uni deelhuelen. Ech hat jo schonns drop higewisen, esou wéi anerer och, datt eng Rei vun deenen neie Bacheloren, oder deene Studenten, déi elo de Summer fäerdeg gi mat hirer Formatioun, Demandeur sinn, fir eng Begleedung an dat aktiivt Schoulhalen ze kréien, a schonns hir Suergen ausgedréckt hunn, datt et hinnen un didaktescher a praktescher Schoulung feelt. Hei kéint oder misst de SCRIPT dann also och relativ schnell aktiv ginn.

Här President, wéi Dir héiere kënnt, kënne mir mat de generellen Ausriichtungen a Missioune vun deem neie SCRIPT am Prinzip d'accord sinn, besonnesch och well mer et wichteg fannen, datt onbedéngt muss eng konstant Evaluatioun, eng wëssenschaftlech Begleedung vun der Schoul garantéiert sinn, an hei huet de SCRIPT also och eng wichteg Missioun bei der Ëmsetzung vu verschiddene Schoulreformen.

Et bleift ofzewaarden, ob mat där elo proposéierter Struktur och herno eng effizient a sënnvoll Recherche, Evaluatioun a Weiderbildung kann an d'Praxis ëmgesat ginn. Duerfir wier et och gutt, wann ee géif no e puer Joer - dat däerf awer net ze laang daueren - eng éischt Evaluatioun vum SCRIPT selwer maachen, fir dann eventuell noutwenneg Korrekture virzehuelen.

Ech froe mech och, dat hunn ech virdu gesot, ob genuch an adequat Personal zur Verfügung steet, fir all déi Missioune kënnen optimal auszefëllen. Och ass net ganz kloer, wéi herno déi konkret Aarbechtsopdeelung zwëschent der Uni Lëtzebuerg an dem SCRIPT fir verschidde Missioune wäert sinn. Hei däerf et op alle Fall net zu engem double emploi kommen, an nach manner zu enger Konkurrenzsituatioun, mä hei muss et zu ganz sënnvolle Synergien a Mataarbecht kommen. D'Zukunft muss eis weisen, ob dat eis gelénge wäert, oder ob mer do schnell musse kucke fir nei Léisungen ze fannen. Ënnert dëse Virbehalter wëll ech domadder dann och e vläicht éischter verhalenen Accord vu menger Fraktioun zum Projet de loi abréngen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Berger Merci. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn de Virriedner opmierksam nogelauschtert a ganz villes héieren, wat de SCRIPT misst, kéint, sollt, bräicht an esou weider. Dat erënnert mech un e Sproch, dee mer als Kand oft gesot hunn - grammatikalesch ass en zwar komesch, mä en huet mech awer och e bësselche geprägt -, mer hunn als Kand gesot: Hätten an hate sinn zwee aner Staten.

Den honorabelen Här Rapporteur vum Projet de loi 5847 schreift, datt dëst Gesetz de véierte Pilier vun enger Réforme significative et fondamentale vun eise Spill- a Primärschoule wier. Aus Grénger Siicht ass déi Schoulreform, déi d'Majoritéit elo just gestëmmt huet, zwar net fundamental, ob se signifikativ gëtt, dat wäert d'Zukunft weisen, mä wou den Här Rapporteur Recht huet, dat ass, wann hien d'Reform vum SCRIPT als ee Pilier vun dëser Reform bezeechent.

Wann een d'Missioune vum SCRIPT liest, wéi se am Artikel 2 festgehale sinn, da steet fest, datt de SCRIPT eng immens wichteg Roll fir d'Schoulentwécklung zu Lëtzebuerg huet. De SCRIPT ass de Motor fir pedagogesch Innovatioun, de Garant fir d'Qualitéit an eise Schoulen an déi Stell, déi fir d'Weiderbildung vum Personal zoustänneg ass. De SCRIPT ass eppes wéi d'Häerz vum Lëtzebuerger Schoulsystem, oder eventuell d'Gehir oder de Kapp vum Lëtzebuerger Schoulsystem, oder, wéi den Här Scheuer gesot huet, den Daach vun der Schoul.

Ëmsou méi bedaueren ech am Numm vun der grénger Fraktioun, datt dëst Gesetz esou rasant an eigentlech diskussiounslos an der Éducatiounskommissioun duerchgaangen ass. An der leschter Kommissiounssitzung, wéi mer de Rapport um Ordre du jour haten - mir hunn déi eenzel Artikelen an enger rekordverdächteger Vitesse duerchgeholl -, hunn ech mech beim Vote enthalen, well ech d'Gefill hat, mer wieren der Wichtegkeet vun deem Gesetz net gerecht ginn, a well ech mer d'Fro gestallt hunn, ob déi hei ausgebauten Dräi-Eenegkeet, pedagogesch Innovatioun, Garantie vun der Qualitéit, Weiderbildung vum Personal, wierklech gutt ënner engem eenzegen Hutt ënnerdaach wieren. Mir géifen do dräi, oder mindestens zwee eegestänneg Instituter gesinn.

An engem Interview am „Wort" vum leschten Donneschdeg huet den Här Scheuer gemengt, bei der Reform vum Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques, handelt et sech éischter ëm een administratiivt Gesetz. De Gesetzentworf gesäit vir, datt d'Kontroll an d'Bewäertung vum Unterrechtswiesen dem SCRIPT iwwerdroe ginn, deem säin Zoustännegkeetsberäich gëtt doduerch erweidert. Et geet dobäi souwuel ëm déi intern wéi och ëm déi extern Bewäertung vum Schoulsystem. Bei der externer Bewäertung gräift de SCRIPT op d'Déngschter vun der Uni zréck. Esou wäit den Interview.

Mir hunn et also hei mat engem administrative Gesetz ze dinn. Mir mengen et geet méi wäit. Dem SCRIPT säin Zoustännegkeetsberäich gëtt just ëm déi kleng Bagatelle vun der Kontroll a vun der Bewäertung vun eisem Unterrechtswiesen erweidert. Ah sou? Kontroll a Bewäertung, do gëtt et dach nach eppes. Ah jo, mir hu jo och nach Schoulinspekteren, 25, méi wéi jee, mat deem Gesetz wat elo just gestëmmt ginn ass.

Den Term „Inspecteur de l'enseignement fondamental" taucht net eng Kéier op am Gesetz iwwert de SCRIPT, weder bei Kontroll a Bewäertung vun de Schoulen, nach bei der Formation continue. Wéi ass dann d'Zesummenaarbecht tëschent dem Inspektorat an dem SCRIPT geregelt? Ma déi ass iwwerhaapt net geregelt.

Eng Rëtsch vun de Missioune vum SCRIPT erënnert eis ganz staark un déi Missioune vun der Uni, déi zum Beispill eng Section de recherche EMACS - den Här Scheuer huet dervu geschwat -, déi déi Missiounen och huet.

Wéi ass hei d'Zesummenaarbecht geregelt? Och net oder bal net! „Les missions centrales du SCRIPT dans le domaine de l'innovation pédagogique sont demeurées invariables depuis sa création en 1993." Esou steet et am Rapport, esou wäert et och an der Realitéit fonctionnéieren, mä esou däerf et dach net virugoen. Mir hunn dach 2003 een Unisgesetz gestëmmt. Et kann dach net sinn, datt mir an engem Unisgesetz als Missioun ënner anerem och d'Recherche an d'Innovatioun stoen hunn, a bei dësem Gesetz hei maache mer wéi wann et dat dann alles net géif ginn.

Am Unisgesetz vun 2003 steet zum Beispill och als Missioun vun der Uni am Artikel 2: «Missions et objectifs: L'université a pour missions:» - ënnert dem Punkt b. - «de contribuer à la formation initiale et continue des enseignants de tous les ordres d'enseignement.» Am Rapport steet, datt d'Formation continue vun de Schoulmeeschteren aus dem Primaire an aus dem Préscolaire bis 2004 vum deemolegen ISERP gemaach ginn ass. Wéi d'Uni gegrënnt ginn ass, huet de SCRIPT missen déi Aufgab iwwerhuelen; an dat och nach ouni déi néideg Strukturen a Ressourcen ze hunn.

Här President, mir wëssen, datt hei eng ganz gutt Aarbecht vum SCRIPT gemaach ginn ass. Mir wëssen och, datt an Zukunft d'Ufuerderungen un d'Formation continue éischter méi grouss wéi méi kleng ginn. Mir hu souwuel bei de Professere wéi bei de Schoulmeeschteren e Minimum vu Formation continue an d'Tâche ageschriwwen. Mir sinn och der Meenung, datt d'Weiderbildung vill méi passend op déi eenzel Schoule muss zougeschnidde ginn. Mir kréien zu Lëtzebuerg ewell Spezialisten aus der ganzer Welt presentéiert, déi Konferenze ginn. Dat aart scho bal an Eventveranstaltungen aus.

Mir brauchen awer virun allem eng duerchduechte Weiderbildung fir ganz Schoule mat enger Virbereedung an enger Evaluatioun, a wa méiglech mat enger laangfristeger Begleedung.

Mir sinn der Meenung, datt d'Weiderbildung vum Léierpersonal soll an enker Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg organiséiert ginn. Ideal wier et wann dës Weiderbildung - ech mengen déi fräiwëlleg, net déi puer obligatoresch Stonnen - och mat ECTS-Punkte kéint belount ginn. Esou kéint ee Weiderbildung attraktiv maache fir d'Enseignanten an et kéint ee se nohalteg organiséieren, well een en Afloss op d'Auswiel vun deene verschiddene Coursen hätt, déi déi eenzel Leit sech eraussichen.

Mir sinn der Meenung, datt och no weidere potenzielle Partner soll gesicht ginn: de Collège des inspecteurs, eventuell souguer den INAP, de CPOS, a firwat net d'Lehrergewerkschaft. Et ass net de Rôle vun enger Oppositiounspartei fir fäerdeg Konzepter op den Dësch ze leeën. Et ass eise Rôle fir Denkustéiss ze ginn an d'Regierungsaarbecht kritesch ze observéieren.

Dee Projet de loi, dee mer haut zum Vote stoen hunn, ass net ausgeräift. Mir hunn zurzäit nach keng Äntwert op d'Fro, ob et net besser wier en eegestännegt Institut fir Weiderbildung fir all Enseignant ze schafen, dat eng Zesummenaarbecht mat deenen aneren Instituter a senge Missioune festgeschriwwen hätt. Mir tendéieren awer an déi Richtung.

Wéi ech dat an der Éducatiounskommissioun ugeschwat hat, dunn ass gemengt ginn, et géif ze vill eng kleng Administratioun gi fir eegestänneg ze fonction-

néieren. Ech wëll just drun erënneren, datt mer virun engem gudde Mount hei ee Gesetz gestëmmt hunn, wou mer eng Administration des services médicaux du secteur public geschaf hunn; eng Miniadministratioun fir einstweile véier Leit. D'Gréisst eleng dierft also kaum een Argument géint een eegestännege Weiderbildungszentrum fir d'Léierpersonal sinn.

Mir hunn och Zweifel, ob zwou Missioune wéi d'intern Evaluatioun an d'Organisatioun vun der Weiderbildung ënnert dërselwechter Direktioun sollen organiséiert ginn. Wéi een Direkter trëppelt sech scho gäre selwer op d'Féiss?

Mir fannen och am Gesetzestext keen Hiweis, wéi dann d'Zesummenaarbecht geregelt an opgedeelt soll ginn tëschent SCRIPT, Collège des inspecteurs an Uni Lëtzebuerg; weder wat d'Evaluatioun ugeet, nach wat d'Weiderbildung ugeet.

Et bleift mer zum Schluss nach ee gewësse Kuriosum festzestellen. Déi Leit, déi eng vun deenen dräi Divisioune géréieren, déi zesummen den neie SCRIPT bilden, däerfe sech Chef de division nennen. Si kréien eng Nominatioun op fënnef Joer, ouni datt sech eppes an hirem Klassement ännert. Déi Nominatioun op Zäit kenne mer och aus anere Branchë beim Stat a si mécht Sënn. Den Direkter an de Sous-Direkter allerdéngs, déi nominéiere mer anescht.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir kënnen als gréng Fraktioun dëst Gesetz net matdroen a mir wäerten och dergéint stëmmen.

M. le Président.- Ech soen dem Här Adam Merci. Als nächste Riedner ass den Här Mehlen agedroen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Här President. Zu dësem Volet wär och ganz vill ze soen. Mir hunn elo dat véiert Gesetz virleien, nodeem datt mer d'Schoulreform als solch gestëmmt hunn. D'Schoulreform kann net réusséieren, wann net de Contrôle vun der Qualitéit fonctionnéiert, wann net innovéiert gëtt. An et ass jo am Fong geholl den Objet vun dësem Gesetz fir d'Missioune vum SCRIPT, wéi se bis elo bestanen hunn, auszeweiten a se ze adaptéieren un déi nei Exigenzen, déi sech aus där neier Législatioun erginn.

Fir eis ass dat heiten e ganz wichtege Volet, wohlwissend datt och an der Schoul villes a Bewegung ass, datt villes muss adaptéiert ginn un déi nei Exigenzen, un d'Änderung och vun eiser Gesellschaft. Mir kënnen d'Wichtegkeet vun der Qualitéitsentwécklung an der Qualitéitskontroll an der Schoul nëmmen ënnersträichen. Dat betrëfft souwuel d'Aart a Weis wéi Schoul gehale gëtt, wéi dat Material, wat an der Schoul agesat gëtt, wéi och d'Formatioun an d'Formation continue vum Personal, wat Schoul hält.

D'Missioune sinn am Artikel 2 definéiert. Et sinn dräi grouss Voleten an d'Reform leeft jo och drop eraus, datt dorauser dräi Divisiounen entstinn: eng Divisioun fir d'Innovation pédagogiques et technologiques, eng Divisioun fir d'Assurance vun der Qualitéit am Enseignement, souwuel an de Primärschoule wéi an de Lycéeën, an eng Divisioun vun der Formation continue vum Personnel enseignant et éducatif vun de Schoulen an de Lycéeën.

Dat ass alles schéin a gutt an der Theorie, Madame Minister, fir déi ganz ambitiéis Zilsetzungen, déi net nëmmen ambitiéis, mä déi an der Praxis och noutwendeg sinn, wa mer eis d'Mëttelen net ginn, fir dat alles ëmzesetzen. Mir gesinn duerfir dat Gesetz hei och als en éischte Schrack an déi richteg Richtung.

Mir geséiche gär, wat d'Formation continue ubelaangt, allerdéngs erëm eng Kéier aus eiser Optik, wa mer de Schoule méi Autonomie géife ginn, hinnen och duerfir méi Fräiheet wéilten zougestoe fir d'Formation continue ze organiséieren. Selbstverständlech solle se kënnen op d'Servicer vum SCRIPT zréckgräifen, mä et soll een hinnen awer och d'Méiglechkeete loosse fir aner Weeër ze beschreiden; Konkurrenz kann och an där Bezéiung näischt schueden.

Wéi gesot, et ass en éischte Schrack an déi richteg Richtung. Leider ass de SCRIPT net dat onofhängegt Organ, dat mir eis gewënscht hätten, mä et ass awer en éischten Usaz emol, fir eng intern Evaluatioun an de Schoule kënnen duerchzeféieren.

Wa mer d'Missioun vun der Formation continue kucken, da muss een d'Fro hannendrunhänken: Wat bedeit dat u Moyenen, déi mer brauchen, wann een dat ganz seriö wëllt maachen? Wa mer emol vun 150 Schoulen am Primaire ausginn a wann een dat seriö wëllt maachen, da bräicht een awer do ongefëier zéng bis 15 Leit, déi missten aktiv ginn. Do dernieft stellt sech d'Fro vun der Begleedung vun de Plans de réussite scolaire, déi mussen opgestallt ginn. Am Secondaire: Wivill Leit brauche mer fir d'Personal vun deenen 23 Lycéeën ze forméieren?

Duerfir: Alles dat, wat de Moment gewënscht ass, dat ass zwar gutt a schéin, mä wa mer do net d'personell Moyenen hannendrustellen, da kann et natierlech net fonctionnéieren.

D'Evaluatioun an de Schoule bedeit och, datt ee stänneg um Ball bleift, an net wéi elo a Cyclë vun dräi Joer, wéi an de Lycéeën, d'Évaluatioun mécht. Nieft dem SCRIPT - soe mir awer och - ass d'Evaluation externe ganz wichteg. Et kann net nëmme sinn, datt periodesch eng Kéier e sougenannte PISA-Test duerchgefouert gëtt, mä datt mer och op eng onofhängeg Evaluatioun vu bausse kënnen zréckgräifen. Mir hunn d'Hoffnung, datt d'Uni Lëtzebuerg an där Bezéiung erugezu gëtt an aktiv ka ginn.

Och missten d'Kritäre fir d'Qualitéit definéiert ginn a si musse moossbar gemaach ginn. Dat ass ganz sécher och méi séier gesot wéi gemaach. Do kënnt nach eng Partie Aarbecht op eis zou.

Här President, ech kommen domat zum Schluss. Mir gesinn déi gutt Intentiounen, déi hei hannendrustinn. Mir sinn och bereet dat matzedroen, mä, wa mer eis Zoustëmmung ginn, da soe mer: „Oui, mais." - Do muss awer duerno nach eng Partie hannendrukommen.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Mehlen Merci. Elo kritt d'Unterrechtsministerin d'Wuert, d'Madame Mady Delvaux.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Merci, Här President. Ech hunn elo den Diskussiounen iwwert d'Reform vum Gesetz iwwert de SCRIPT interesséiert nogelauschtert.

Ech hu mech gefrot, ob mer vläicht net intensiv a laang genuch an der Kommissioun iwwer verschidden Aspekter diskutéiert hunn, well ech mech gewonnert hunn iwwer verschidde Froen an Aussoen, déi hei um Riednerpult gemaach gi sinn.

Duerfir erlaabt mer vläicht awer trotzdeem eng Kéier de Résumé ze maachen - ob dat Gesetz dann elo en administratiivt oder pedagogescht ass -, wat dat da genau beinhalt.

Mir maachen eng Reform vum SCRIPT. De SCRIPT besteet säit 1993 an hat ëmmer d'Missioun vun Innovatioun a vu Formation continue. Déi Missioune behält e weider. De SCRIPT ass eigentlech Opfer gi vu sengem Succès, an duerfir musse mer en ausbauen. E kritt eng nei Missioun derbäi. Dat heescht, an der Zukunft - duerfir gëtt en och nei strukturéiert - huet de SCRIPT dräi Standbeen, wann ech dat esou kann nennen.

Éischtens, d'Innovatioun. Domadder kënnt en net an d'Gefor, a Konkurrenz mat der Uni Lëtzebuerg ze kommen, well déi jo Innovatioun a Recherche mécht, während dem SCRIPT seng Aufgab an der Innovatioun ass, d'Schoulen, déi innovativ Praktiken hunn, Enseignanten, déi innovativ Praktiken hunn, ze begleeden, ze observéieren an dorunner ze schaffen.

Dat zweet Standbeen ass dat vun der Formation continue an dat drëtt Standbeen, dat neit Standbeen, dat ass dat vun der Agence pour le développement de la qualité.

Do ass gesot ginn: Hätte mer net besser gehat, dräi verschidden Departementer ze maachen?

Mir hunn optéiert fir ee mat dräi Been, well ech der fester Iwwerzeegung sinn, dass et wichteg ass, dass d'Innovatioun, d'Formation continue an d'Evaluatioun - déi dräi Elementer - zesumme ginn. Ech wëll do betounen, dass et net nëmmen d'Evaluatioun ass vun der Innovatioun, mä et ass och d'Evaluatioun vum Unterrecht, dee gehale gëtt, deen déi Evaluatioun als Objet huet. Wann een Erkenntnisser huet aus der Innovatioun, da wär et jo wichteg, dass et géif afléissen an d'Allgemengpraxis, an et wär och wichteg, dass d'Formation continue dorobber ageet.

Ech wollt op déi zwee nei Elementer, also d'Formation continue an den Développement pour la qualité, méi laang agoen. D'Formation continue wéi gesot war ëmmer ee Standbeen, eng wichteg Aufgab vum SCRIPT, deen d'Formation continue gemaach huet fir d'Enseignantë vum Postprimaire, vum Secondaire a Secondaire technique.

Wéi richteg gesot ginn ass, huet mat der Schafung vun der Uni d'Uni Lëtzebuerg zwar d'Missioun behalen „pour collaborer à la formation continue" vun den Enseignantë vum Primaire, awer net méi fir se selwer ze organiséieren, a si organiséiert se säithier och net méi. An doduerch ass also eng nei Aufgab entstanen, oder loosse mer soen en neie Grupp vun Enseignanten als Clientë vun der Formation continue vum SCRIPT derbäikomm.

An dat zweet Element, wat nei ass, dat ass, dass säit der neier Definitioun vun der Tâche vun de Professeren, an elo och säit dem Gesetz, d'Formation continue fir d'Enseignantë souwuel am Primaire wéi am Postprimaire obligatoresch gëtt a sech op op d'mannst aacht Stonnen an der Woch beleeft.

Dat heescht also, dass déi Aarbecht, déi op d'Agence pour le développement de la qualité zoukënnt, zouhëlt. Dat gesi mer och un den Inscriptiounen. Am Joer 2000 hate mer 2.000 Inscriptiounen an der Formation continue, an dat lescht Schouljoer, wat ofgeschloss ass, also 2007/2008, waren et 18.700 Inscriptioune vun Enseignanten, déi sech an der Formation continue ageschriwwen hunn. Dat ass also en immense Sprong, deen do gemaach ginn ass.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech wollt och eppes doriwwer soen, wéi dann den Institut de formation continue dat organiséiert. Éischtens soll déi Formatioun cibléiert sinn. Dat heescht, et ginn natierlech Prioritéite gesat, an d'Prioritéite sinn differenzéierten Unterrecht, Gestion des classes, Sproochen, Fachdidaktik, Teambuilding. D'Formation continue soll wa méiglech mat den Enseignanten organiséiert ginn. Dat heescht, et gëtt gefrot: Wat hätt Der gären niewent de Prioritéiten, déi vum Ministère gesot ginn?

Wat mer och feststellen, dat ass, dass déi Formation continue, déi am interessantesten ass an am meeschte Resultater och opweist, déi ass, déi an den Équipë geschitt. Dat heescht, wann eng ganz Équipe oder eng ganz Schoul zesumme seet: Mir hätte gär déi do an déi do Formation continue. Déi gëtt da fir si op där Plaz, wou si se gären hätten, organiséiert. Duerfir ass elo schonn an all Lycée ee responsabel fir d'Formation continue, ee Coordinateur, deen also mat der Schoul zesumme kuckt, wat d'Besoinë vun där Schoul sinn. An déi Missioun ass jo och elo am neie Gesetz festgeluecht fir ee Member vun der Équipe vum Comité an „Eis Schoul", wou een den Uspriechpartner ass fir d'Formation continue.

Ech wollt och soen, dass déi Formationcontinuen net dorauser bestinn, dass eng Konferenz gehale gëtt, mä dass déi bescht Formations continues - déi, déi och dee gréisste Succès hunn - déi sinn, wou e Cours gehale gëtt oder e Seminaire oder en Atelier, a wou duerno e Suivi ass an e Feedback, wou all déi Participanten un der Formation continue sech regelméisseg erëm gesi mat hirem Formateur, fir och ze gesinn: Wéi kann ech dat, wat ech an der Formation continue mer ugeléiert hunn, ëmsetzen an der Schoul?

Da wollt ech nach eppes soen zu der Zuel vun de Leit, déi am Institut de formation sinn. Déi ginn iwwert dëst Gesetz renforcéiert. Et ass awer net esou, dass si selwer d'Formatioun maachen. Si organiséieren d'Formatioun a sichen déi gëeegent Formateuren. Well och do wëll ech soen, och eng Uni huet net Spezialiste fir alles. Si kënnen also zréckgräifen op Formateuren aus dem Ausland. Duerfir sinn d'Kreditter fir den Artikel vun der Formation continue och immens an d'Luucht gaangen.

Mir hätten natierlech gären, dass mer Leit, Expertë kréien, Équipen, déi Formation continue maachen, déi de Lëtzebuerger Terrain kennen, déi dat och op Dauer kënne suivéieren. D'Zil ass och, fir wa méiglech Leit ze forméieren...

(Brouhaha général)

Et interesséiert keen. Et ass awer...

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Ech hätt gär e bëssen Opmierksamkeet fir d'Madame Minister!

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.-...déi ganzen Zäit gesot ginn, wéi wichteg d'Formation continue ass. Säit gëschter Mëtteg an haut de Moien héieren ech, dass d'Formation continue esou wichteg ass. Ech mengen, mir halen dat da fest, fir dass op d'mannst eng geschriwwen Trace dovunner Rescht bleift.

Ech wollt da soen, dass also den Institut de formation déi Formatioun net selwer mécht, mä déi gëeegent Formateure sicht. A mir hätte gär eng Fidélisatioun vun deene Formateuren, déi de Lëtzebuerger Schoulsystem kennen, déi sech och hei mat deene Problemer, déi mir hei hunn, auserneesetzen. An d'Zil ass natierlech och, Lëtzebuerger Formateuren ze fannen, dass mer der net ëmmer aus dem Ausland komme loossen, mä déi auszebilden.

An dat zweet Objektiv à terme, à moyen terme, hoffen ech...

(Interruption)

M. le Président.- Déi, déi Calepinen an d'Rei ze maachen hunn, déi sollen dat vläicht dobausse maachen, da kann d'Madame Minister hei hir Aarbecht maachen!

(Interruptions)

Une voix.- Et ass wéi an der Schoul!

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Ech sinn net esou sécher.

Dat zweet Objektiv à moyen terme ass, dass mer déi Formation continue esou kënne certifiéieren an esou organiséieren, dass dat och e Certificatiounswäert huet, dass mer à terme ECTS-Punkte kënnen ausstelle fir déi Leit, déi an der Formation continue sinn, fir dass se och kënnen noweisen, wat hir Formatioun bruecht huet, sou datt dat och en akademesche Wäert kritt.

Et huet natierlech e Wäert fir hir Insertion professionnelle, mä et wär gutt a wënschenswäert - an dat ass de Wee, dee mer ginn -, fir deenen och ECTS-Punkten ze ginn. Dat heescht awer, dass d'Partnerschaft mat der Uni Lëtzebuerg oder aner Unië muss esou organiséiert ginn, dass dat méiglech ass. Éischt ECTS-Punkte gi scho verginn. Den Institut de formation selwer ka se net verginn, well dat jo keen Institut universitaire ass. Si mussen also eng Partnerschaft organiséieren.

Da wollt ech op deen zweete Volet agoe vum Développement vun der Qualitéit, well dat jo och wéi e Leitfuedem hei duerch d'Interventioune vun all den Deputéierte gaangen ass.

Ech mengen, an deem SCRIPT-Gesetz steet elo de Prinzip vun der Evaluatioun, d'Evaluatioun also net vun den eenzelne Schüler - deen och -, mä vum Schoulsystem. Mir soen alleguer, dass mer gär Qualitéit an der Schoul hätten. An da musse mer natierlech definéieren: Wat ass Qualitéit?

Ech wëll hei direkt soen, dass Qualitéit net heescht, dass déi Schoul déi bescht ass, déi an engem Examen oder an engem Test déi beschte Resultater huet, an dat Resultat kritt huet, well se all déi Schüler, déi net den Usprëch vun der Schoul entspriechen, aus der Schoul eraus selektionéiert huet. Dat kann et net sinn. Well dat ass e bëssen einfach. Där Schoule gëtt et. Dat erkläert och zum Beispill, dass verschidden international Schoulen dann eng ganz gutt Performance zum Beispill am PISA-Test hunn. Wann een dann natierlech d'Population scolaire kuckt, d'Origine sociale vun der Population scolaire, dann hu si datselwecht Resultat wéi eigentlech déi Spart vun eise Schüler, déi och aus engem ganz favorabele sozioprofessionelle Milieu kommen.

Qualitéit ass also eppes, wat ee muss ganz kloer definéieren. A fir mech läit d'Qualitéit vun der Schoul doranner, dass eng Schoul integrativ ass, dass se alleguerten d'Kanner mathëlt, dass se probéiert all Kand esou héich wéi méiglech ze bréngen, am Verhältnis och vun deem Ëmfeld a vun där Origine wou et hierkënnt. Dat ass d'Objektiv vun der Qualitéit.

Dat Gesetz gesäit en Dispositif vir, an ech wollt dee kuerz hei beschreiwen - ganz kuerz.

Éischtens gëtt e Conseil scientifique beim SCRIPT agefouert. Dee Conseil scientifique ass eigentlech e Comité d'accompagnement vum ganze Schoulsystem vum SCRIPT. Dee Conseil soll aus fënnef Expertë bestoen. Dat sinn elo net Vertrieder vu Beruffskummeren oder esou, mä dat si fënnef Experten, déi also och e Bléck vu

baussen op de Schoulsystem bréngen. Zwee dovunner gi vun der Uni designéiert an déi aner dräi vum Minister, woubäi net gesot ass, dass se mussen ee representéieren, mä si ginn an hirer Qualitéit als Experten a Schoulentwécklung an a Schoulqualitéit designéiert. Déi hunn also d'Expertise a sollen de Bléck vu baussen op eise Schoulsystem geheien. Si kënne Rotschléi ginn, si kënnen Avisë ginn iwwer Plan-d'actionen a proposéiere Critères de qualité.

Déi Propositioune wëlle mer dann diskutéieren an approuvéiere loossen - dat steet och esou do - vum Conseil supérieur de l'éducation nationale. Well de Conseil supérieur vun der éducation nationale ass jo dat Gremium, wou alleguerten d'Leit vertruede sinn, d'Schoulen, d'Enseignanten, d'Forces vives de la nation, déi da kënnen iwwer eng Propositioun soen, dat do ass eppes, wat eis genehm ass oder net. An dat wären dann d'Critères de qualité, mat deene mer wéilte moossen.

An da soll déi Evaluatioun en vigueur gesat ginn. Do ass et mer wichteg ze soen, dass do en Élément interne ass an en Élément externe. D'Évaluation interne, déi gëtt an der Schoul gemaach. Et ass wichteg, dass d'Enseignantë selwer sech domat auserneesetzen: Wat klappt gutt an eiser Schoul, wat kënne mer verbesseren a wou setze mer un?

Fir déi Évaluation interne ass en Instrument am Schoulgesetz virgesinn. Fir d'Primärschoul ass dat de Plan de réussite scolaire, deen all Schoul muss maachen. Dee Plan de réussite scolaire gëtt opgestallt fir véier Joer. Net all Schoule maachen datselwecht Joer hire Plan d'évaluation.

Ech wollt och soen, dass dat doranner besteet, emol fir d'éischt eng Analys ze maachen: Wat ass dann an eiser Schoul? Wat ass d'Origine vun eise Kanner? Wat ass d'Ëmfeld, an deem mer eis bewegen? A wat sinn déi Ziler, déi mer eis setzen? An de Lycéeën ass dat de sougenannte PAQS - Protocole d'action qualité scolaire. Dat ass eng grouss Entreprise. Dat ass eng ganz Schoul, déi sech muss domadder beschäftegen, wéi se d'Qualitéit an hirer Schoul ka verbesseren.

Doniewent gëtt et dann eng Évaluation externe. Déi gëtt gemaach natierlech vun engem Aussestehenden. Dat sinn entweder déi international Tester, wou mer matmaachen. Dat ass jo da souwisou e Konsortium, wat dat mécht. An dat sinn och esou national Tester, Lernstandserhebungen, fir déi de Moment mer eng Konventioun mat der Uni Lëtzebuerg gemaach hunn, fir dass si déi Lernstandserhebunge fir eis mécht. Dat ass also och en externen.

Mir hunn dëst Joer, wann ech dat kann esou soen, e Feldtest gemaach, wou mer déi éischt Lernstandserhebunge gemaach hunn am drëtte Schouljoer am Däitschen an am Rechnen. An op 9e an op 5e hu mer déi Lernstandserhebunge gemaach. Dat ass mat vill Schwieregkeete verbonne gewiescht. Et war déi éischte Kéier wou mer et gemaach hunn. Och d'Uni ass amgaang Expertisen ze sammelen, fir déi Tester do duerchzeféieren.

Ech wëll awer och hei warnen - dat ass eppes, wat mer immens um Häerz läit. Éischtens muss ee schaffen a mat de Kanner léieren, an d'Kanner selwer musse léieren, ier een eppes kann evaluéieren. Et huet kee Wäert, dauernd ze evaluéieren. Et muss een och dozwëschent Pause loossen, wou ka geschafft ginn, well soss weess ech net, wat mer kéinten evaluéieren.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Ech géif also dovir warnen, fir dauernd Tester wëllen ze maachen, well mer domadder kee Progrès onbedingt an der Schoul kréien.

Zweetens moossen déi Tester jo dann och ëmmer nëmmen d'Leeschtung, an et ass wichteg, dass mer déi begleede mat Questionnairen oder och mat Feedback vun den Enseignanten, vun den Elteren a wa méiglech vun de Schüler, fir kënnen ze kucken, wéi déi Prozesser ginn.

Dat Wichtegt awer elo ass, dass, wa mer dann déi Outilen hunn - Plan de réussite scolaire, eng Analys, eng Propositioun oder Tester vu baussen -, dann intervenéiert d'Agence pour le développement de la qualité, déi elo nei am SCRIPT geschaf gëtt. Déi mécht also net selwer d'Evaluatioun, mä si begleet d'Schoulen an der Mise en place vun engem Plan d'action, dem Plan de réussite scolaire, fir d'Qualitéit an der Schoul ze verbesseren, an do ass hire Rôle als Beroder an als Begleeder vun der Schoulentwécklung ganz primordial.

Duerfir mengen ech, dass d'Innovatioun, d'Formation continue an dann d'Qualitéitsentwécklung an der Schoul Hand an Hand ginn.

Ech wëll nach eng Kéier drop insistéieren, dass d'Qualitéit net onbedingt nëmmen Innovatioun ass. Ech kenne Schoulen, déi ganz - wéi soll ech dat soen? - konservativ, traditionell fonctionnéieren an déi eng héich Qualitéit hunn. Mir wëllen dat jo net futtimaachen. Mir hätte gären, dass all Schoul sech dee Wee gëtt, déi Methoden, fir mat hire Kanner esou wäit wéi méiglech ze kommen.

Duerfir soen ech Merci zu där breeder Zoustëmmung, déi dat Gesetz hei fënnt. Domadder, soen ech, ass eigentlech e wichtegt Element, wat mer brauchen als Begleedung fir d'Mise en place vun där neier Schoul, erreecht.

Merci.

M. le Président.- Ech soen der Madame Minister Merci. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5847.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5847 ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen géint siwen Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement (par Mme Martine Stein-Mergen), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Christine Doerner), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M Norbert Haupert), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Charles Goerens), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Fernand Etgen), MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn domadder um Schluss vun eiser Sitzung ukomm. De Mëtteg kënnt d'Chamber erëm um hallwer dräi zesummen.

D'Sitzung ass domadder opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 11.49 heures)

Chambre
des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber live
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live